

Dach du kanns de Buodem däfen —
 well de Wellen aß ke Chrescht⁹!
 An dat mecht ee mat den Häfen
 vun der allerbeschter Mescht.

Ihr e ganz sech dach beke'hert,
 sin dack zwanzeg Jahr vergaangen,
 wi d'Erfahronk huet gele'hert,
 an dat sin der vun dee laangen!

V.

Arte vu Buodem an hir Kultur.

Ganz verschidde bei de Menschen
 aß de Sann alluechter d'Welt,
 an net emmer wi mer wönschen:
 'T aß net anescht mat dem Feld.

Eent aß santeg, dreche, wakeg,
 anert schwarz a muddleg moll;
 wo' et schwe'er aß a spakeg,
 get am Summer hart seng Scholl.

Det aß puffeg, liicht a schlapppeg,
 wi der Lenzsoot wuohl et guedt;
 dat aß steif, am Frascht net happeg,
 wi all Hartfruucht gär et huet.

Brengt e schwaacht Gespann vu Ke'hen
 hei derdurch de liichte Plo',
 misse ve'er Pärdrun ze'hen,
 wat se könne, soß entzwo'.

He'ch läit det, dat anert niddreg,
 bal aß Lehm, bal Ste säi Bett;
 hei gin d'Hällem dönn an ziddreg,
 flaatscheg do, an dack ze fett.